

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14. Januar 2016

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Kooperatiounsminister an un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

An der parlamentarescher Fro Nummer 1577 vum 18. November 2015 wollt ech gewuer ginn, wéivill Sue Lëtzebuerg tatsächlech kéint a sengem Budget fir Entwécklungshëllef no den „*Directives convergées pour l'établissement des rapports statistiques du système de notification des pays créanciers et du questionnaire annuel du CAD*“ geltend maachen. Meng Fro war net op de politesche Wëlle vun der Regierung geménzt fir esou vill Geld wéi méiglech an d'Entwécklungslänner ze ginn an dowéinst verschidden Dépensen net op d'Entwécklungshëllef unzerechnen, dat ass jo bekannt a vum Här Minister fir Cooperatioun schonn e puer mol annoncéiert ginn, mä op déi statistesch Tatsaachen: Wéivill Suë gëtt Lëtzebuerg wierklech Joer fir Joer fir d'Entwécklungshëllef aus – no de Regeln vum CAD - a wéivill Prozent vun eisem Bruttonationalakomes (BNA, Revenu national brut) mecht dat aus ?

Dofir wollt ech déi Deeler vun der Fro Nummer 1577 nach eng Kéier stellen, déi nach net beäntwert gi sinn. Ech sinn iwweezeegt, datt mat dene kompetente Beamten an der Hëllef vum Finanzministär eng objektiv, komplett a korrekt Äntwert op déi Fro méiglech ass.

D'Fro un déi Häre Ministeren ass:

1. Wéi héich ass d'Lëtzebuerger Entwécklungshëllef an absoluten Zuelen a relativ zum Bruttonationalakomes, wann all Dépensen, déi den DAC erlaabt, genau no de Virgabe vun den „*Directives convergées pour l'établissement des rapports statistiques du système de notification des pays créanciers et du questionnaire annuel du CAD*“ géinge vun der Lëtzebuerger Regierung ugerechent ginn a net aus politeschen Ursachen op aner Budgetsposte verdeelt ginn? Zu dene „politeschen Ursachen“ zielt

ausdrécklech och déi Additivitéit bei de Klimadéipensen, déi d'Regierung sech zum Prinzip gemaach huet.

2. Wéi héich wär z.B. och de Montant vun de „coûts indirects d'éducation“, déi op eiser „politique délibérée de coopération pour le développement“ baséieren, wann se esou a eisem Budget libelléiert wäeren an also kéinten ugerechent ginn?
3. Wéi héich wär z.B. de maximale Montant fir den Accueil vun de Réfugiéen, dee bei d'Entwécklungshëllef kéint bäigerechent ginn, regelkonform zum DAC?
4. Wär d'DAC net och a berodender Funktioun e kompetenten Usprichpartner am Virfeld vun engem Budgetsentwurf, wann eng Regierung wéilt den Undeel vun der Entwécklungshëllef op Basis vun international vergläichbare Standarden determinéieren, a jee nodeem, maximéieren?
5. Wéi héich wär de maximale Montant fir Ausgabe fir de Klimawandel, z.B. (mä net exklusiv) am „Fonds d'affectation spéciale d'urgence pour la stabilité et s'adressant aux causes profondes de la migration irrégulière et des personnes déplacées en Afrique“ an och ausserhalb, dee kéint bei der Entwécklungshëllef ugerechent ginn (wann d'Regierung dat da wéilt, quod non) ?
6. Wär et bei sou moderat komplexe Rechnungen net wünschenswäert, fir op d'mannst mat deene puer Länner, deenen hir Entwécklungshëllef däitlech iwver dem Wunsch vun de Millenniums-Ziler vun der UNO, dem G-7, der EU an der OCDE läit (also 0,7 Prozent vum Bruttonationalakommes), en Accord ze fannen, datt si hir Zuele fir Entwécklungshëllef méiglechst eenheetlech berechnen, fir datt et méi einfach an objektiv méiglech ass, dës Ausgaben international ze vergläichen?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser

Deputéierten